



Sketscher vum Margrit Cruchten

Op der Gare ...

- Mann: Elo ass et schon 6 Auer an den Zuch ass nach emmer net hei. Dát ass schon nés eng Verspéidung vun enger halver Stonn.
- Chef: Macht iech ferdeg, den Zuch ass an 5 Minuten hei!
- Mann: Dat ass net an der Rei, emmer hun är Zich Verspéidung; wirwat hut dir iwerhaupt en Fahrplan?
- Chef: Ma wann d'Zich keng Verspéidung hätten, firwât breichten mir dann eng Salle d'Attende??
- Mann: Nujé, losse mer net streiden. A wann ech awer elo den énzegen hei sin, da brauch der net extra wéinst menger ze fueren, dann huelen ech den Owend den Arbechterzuch.
- Chef: Nén, nén, dir kent roueg aklammen, mir fueren net eleng wéinst iech, well mir hun och nach en Bréif ze transportéieren.
(huet e Bréif an der Hand)
- Mann: Dierf ech am Zuch femmen??
- Chef: Selbstverständlech, wann dir an den Waggon Fumeur git.
- Mann: Ech wollt lèiwer froén, net dass ech herno eraus fléien wann ech femmen!
(Helt Zigar an den Mond)
- Chef: Wann dir bis an dem Zuch setzt, da maacht grad ewèi doheem.
- Mann: (Helt Zigar erem aus dem Mond)
Je, dann eben net.

Ech kent dir nach vill eso verzielen,mé ech halen op,soss sés du nach,ech ge'f mech wellenbretzen,

1. o wés du ,du muss net meggen.hei wier alles eso ro'eg erof gangen, mir hun och alt muneches hei erliewt.
2. (geringschätzeg)a wat kann da scho villes hei geschitt sin.?
1. Ma da lauschter emol gut.De lescht Ausstellung hei um Lampertsbiereg hun se am Haff de' nei Deppen ausgestallt.Dè sin eso gro'ss,dass de Kach,* fönnef Gesellen an zwé Le'erbo'wen konnten ronderöm sto'en, oni dass én dén aneren gesin huet.
- 2.Du hänks mir eng op,dass dach ké Mensch,dén eso e grosst Deppen brauch. No der Ausstellung werten se dè ewech geheit hun.
1. Ma jemma nén,well wo'ran sollten se dann all dé Kabes kachen,déns du elo verzapt hues????

Zwé Ligeher.

1. Médchen: Hei, do hannen kent jo meg Komerodin, dat virun zwé Jo'er fortgangen ass an d'hondsleslek bei eng Tata. Loss mech emol hei op hat warden fir him Bonjour ze so'en
2. (ganz vermengt, welt lanscht go'en, wè wann et kè gèf kennen)
1. Bonjour Claire, kenns du mech net mè?
2. (ganz vun uewen erof:) Entschelleg, mé ech hat dech bal net mè erkannt, du bass an dénen zwé Jo'er, wo ech dech net mè gesin hun, awer och vill mè al gin.
1. Mengs du da vleicht, du wiers mè jonk gin an dé'er Zeit.
2. Net mè jonk, mé mè schèn.
1. Ass d'Zeit dir dann net lang gin douewen am Eslek.
2. (ganz wegwerfend) am Eslek ??? ech war net lang am Eslek, ech war mat der Tata verrést, op Pareis, op Nice an eso guer an Afrika.
1. An Afrika wer's du vill Afen gesin hun.
2. Fir wat meng's du dat?
1. Ganz einfach, well's du dech eso afech behäe behels.
2. Ech hun ganz aner Sachen gesin ewè nemmen Afen a muneches erliewt. Ech sollt emol iwert eklengen Floss go'en, an et war nemmen eng ganz schmuel Breck do, oni Glenner an zimelech wackeleg. Ech war fro', wè ech dè aner Seit war a wè ech zreck gekukt hun, wat gesin ech, et war keng Breck mè do. Ech war iwert de Reck vun e puer Krokodilen gelaf, de an der Rei do luchen an elo ausernén geschwommen waren.
1. Wat wers de do geziddert hun.
2. Dat do war nach eng Klengegkét. Wè ech émol ganz eleng am dichten Gestrüpp vum Urwald spazè'eren si gangen, hè'eren ech ep emol e Fauchen hannert mir, ech drè'e mech em, a schon kent en Tiger a gro'sem Sprong op mech duer, ech net lang gezeckt, er greifen mein Täschemesser, werfen et op den Tiger, ech treffen en matten an d'Härz, an hien brecht zesummen....
1. Du bass du awer secher se'er fort gelaf...
2. a wo denkst du hin. Fir d'escht hun ech mir mei' Messer erem geholl, hun den Tiger zesummen gerullt an en a mei Rucksak gestach. De Pelz hun ech der Tata geschenkt, dè krut e sche'en Pelzemantel derfun.
1. Hues du alt nach eso Sachen erliewt?
2. Eng aner Ke'er, ech war och eleng am Besch, kent e gro'sen Lef op mech é duer.
1. Do hues du secher erm schnell dein Täschemesser geworf,??
2. Ech hat dat zo'fäälleg net bei mir.
1. Ma wè ass et dann des Ke'er gangen.
2. Stell der fir, de Lef helt aus zu engem gro'ssen Sprong, mé matten dran hält en op, dreht sech em a gét erem zreck an de Besch.
1. Dén hat dech secher gefart??
2. Nén, dat net, mé ech hat him döf an d'Aen gekukt, an hien ewè hypnotiseer

Eng neu Coiffure

- Monsieur: Bonjour Joffer, entschellegt, ma sin ech hei richtig, nämlech bei engem Härecoiffeur?
- Joffer : Gewess, Monsieur, a fir wat soll et sin ?
- Mons. : Kukt, Joffer, et ass dè Säch hei: ech hätt emol gären eng extra Coiffure, an du hun ech mer so'e geloss, Dir wirt doranner spëzialisè'ert.
- Joffer : Dat ass wo'er, hut dir iech scho vleicht hei eng Coiffure eraus gesicht.
- Mons. : Et ass ganz egal, w~~e~~^{wann} Dir mecht kämmt, Dir ~~bräuecht-et~~^{et} nemmen ferdeg brengt fir mir e Schéd ze machen, well dorunner plangen ech scho lang.
- Joffer : Dann dot iech emol aus an huet iech Platz, an da kuke mir emol.
- Mons. : (dét elo erescht sein Hut of an huet eng plakeg Kopp mat drei Ho'er drop, ewantuel mat drei riedem woll gemach) (zweifelnd): Mengt Dir Joffer, Dir gengt eppes ferdeg brengen ?
- Joffer: Monsieur, Dir beleidegt mech fir iewerhat eso eng Fro ze stellen, Dir kennt meng Kapazitèten nach net. Ech geng iech elo firschlo' en ,mir gengen dè drei Ho'er, dè Dir nach hut, eso' verdélen: 2 Ho'er op de rieds Seit, an ént op dè lenk Seit, dann hätt Dir e sche'ne Schéd op der Seit.
- Mons. : Ma dat wier d'Affär, eso' wier ech zefridden.
- Joffer : Da losse mir emol ufenken, (kämmt a kukt op et och gut get)
- Mons. : (ass ganz ewäch) Joffer, wat hut dir eng douce Händchen, Dir mat dat wirkelech mat Gefill.
- Joffer: Bei eso engem Flotten Här kent dat vum selwen....o jé, wat ass mir elo geschitt. ech hun é Moment net opgepasst an du ass ént vun eren drei Ho'er ausgangen. Mé kreischt net, Monsieur, ech wés scho, wat ech machen. Ech machen iech einfach e Schéd an d'Mett. En Ho'er eng Seit, an dat grot hei op dè aner Seit, (kukt sech en un), mé dat stét iech och net schlecht.
- Mons. : Dass wuel net schlecht, mé wierkt dat net eng Grimmel steif?
- Joffer: Ech machen Iech nach e klengen Pli hei dran. O Gott wat en Ongleck, elo ass dat grot Ho'er och nach ausgangen, elo ass et eriwer mat engem Schét.
- Mons. : (verzweifelt) o mei o mei, da sin ech elo schèn beleffelt a mat mengem distinguè'erten Oprieden ass et elo eriwer.
- Joffer : Oh, a fir wat dann;?
- Mons. : Ma well ech elo mei ganzt Liewen mat engem wullegen Kapp lafen.

ass hat gedölleg ewè e Schoo'f.

Pascht.: Abé Mett, dir kann ech beim beschten Wöllen keng Bo'ss oplé' en, well fir eng gudd Do't ass nach kén bestroft gin.

Mett: Merci, Här, a wann dir emol lanscht eis Dir git, da kommt ro'eg eran. Da gesit dir emol, wè schèn dat eie et elo bei eis dohém ass. Avoir Här Paschto'er.

Pascht.: Ech muss den Mett wirkelech bewonneren, dass hien den Courage hat, fir senger Fra eng ze tachtelen. Gott sei dank ass d'Sach gudd ausgegangen.

Preiss: Här Paschto'er, ech kommen am Fong net beichten, mé ech hun eppes, dat lesst mir keng Ro', an dir kent mir vleicht en Ro't gin.

Pascht.: Wann ech kann, hellefen ech gären, em wat gét et dann?

Preiss: Dir wösst jo, dat ech schon lang hei wunnen an kén Mensch wés dat ech en Preiss sin. Elo wollt ech iech emol fro'en, ass dat eng Sönn, en Prei'ss ze sin?

Paschto'er: do kann ech iech bero'egen, et ass keng Sönn, mé dèf berei'en könt dir et op jiddefall.

Preiss: ma dat machen ech schon lang, dir könnt mir et frei' glé'wen, avoir Här Paschto'er.

Pascht.: So'elo nach én, an dann gét et duer fir haut.

Tun: Här Paschto'er, fir meng O'schterbeicht ze halen, mé ech mengen, ech hätt keng Sönnen, ech hun net geklaut an ech hun kén tod geschlo'en, a wat soll ech iech dann nach beichten?

Pascht. Tun, bass du dann eso' en Engel, iwerlé emol gudd, eppes Klenges wärts du jo awer ze beichten hun?

Tun: Beim beschten Wöllen, Här, ech wés wirkelech neischt ze so'en.

Pascht.: Dann hellefen ech emol eng Grimmel no, wè oft bass du denger Fra' dann ontrei gin, rechen dat emol zesummen.

Tun: Ma Här Paschto'er, ech kommen dach heihin fir ze beichten, an net fir mech ze bretzen.

Paschto.: Wés du Tun, dè Sach do ass net grad eso, ech muss dir eng d+deck Bo'ss gin, well dat kann net so' virun go'en.

Tun: Wat mengt dir Här, wann ech geng lo ooo Frang fir d'Kirch steften, da kè'm ech an den Himmel?

Pascht.: dat do ass guer keng schlecht Idee, ech geng et op jiddefall probè'eren.

O'schterbeicht.

PaschtFo'er: Eloass erem d'Zei't vun der O'schterbeicht. Ech sin gespânt wivill Leit dess haut kommen. Et ass jo net mè grad wè soas, dat se Schlang Stungen^{stung} fir beichten ze go'en, mé ech werd awer e puer Stonnen hei setzen. Fir et mè gemittlech ze hun, halen ech d'Beicht hei a mengem Büro. Bis dén eschten kent, bieten ech alt mein Brewè'er.

Neckel: (klappt un Dir en kent eran): Här Paschto'er, ech këm gären beichten.

Pascht.: Ma secher Neckel, da kom setz dech hei bei mech, an dann klo'ts du dech un.

Neckel: O Här, vill Sönnen hun ech net, ech drenken emol én iwert den Duscht, dat ass jo awer kén gro'sst Verbriechen, mé mein grössten Fehler ass, dat ech eso gären lé'en. Mé Här Paschto'er, dat ass net aus Bo'ssecht.

Pascht.: an firwat li'ts du dann.

Neckel: Ma Här, et ass dè Sach hei, ech sin nämlech Fescher, an dir wösst jo, wè dat ass, wann ech mengen Kollégen weisen, wè gro'ss dass d'Fesch waren, dè ech gefangen hun. dann sin d'Mo'ssen jo immer eng Grimmel mè gro'ss, wè dè, dè d'Fesch wirkelech haten. An dat wert jo awer keng eso'eng deck Senn sin?

Pascht.: Eng Do'tsenn ass er jo net grad, mé kuk, et ass net eleng mat ~~de~~ dem Lè'en wo's du sönnegst, mé et ass och duerch dein Stolz, well's du immer well's den Beschten sin. Als Bo'ss bringst du mir eng gudd Friture an dann ass d'Sach an der Reih'.

Neckel: Get gemacht, Här Paschto'er, mé sot emol, sit dir frè'er dann net och feschen gangen?

Pascht! : jo, mé dat ass schon lang hir.

Neckel: hut dir dann nie en Fesch vun lo Pond eraus gezun?

Pascht! : o dach, mé wè ech dun Paschto'er gi sin, hun ech mat Lè'en opgehale.

Neckel: Da kann ech jo elo go'en an är Friture soll dir kre'en, awer keng Fesch vun lo Pond.

Pascht.: do hun ech jo lo gudd re'agè'ert, dann kann elo dén nächsten k kommen.

Mett: Bonjour Här Paschto'er, ech kommen beichten.

Pascht! : Bonjour Mett, dass schèn, dass du kens, mé du werts net vill ze so'en haes nun, ech mengen, du mech's Bo'ss genuch, én, dén deng Fra' kennt, wé's, wat's du schon jo'relang matmechs.

Mett: ma dat ass et jo eben, Här, D'lescht huet meng Fra' nés gero'st wè ömmer, du hun ech mech net mè gepackt, meng Hand ass mir ausgerutscht an ech hun hir eng Kräfteg erofgemusst. Mé Här, dun hätt dir eist Kett missen gesin, hat war platt, an zenterhir

E N G W E R T .
(Zömmen oder frei Plätz)

- Pir:(vu lenks) Hei de Paul, wat eng Fréd!
Paul:(vu rechts) Heielei de Pir, oh we' le'f, mir hun eis schons läng net me' gesinn!
Pir:Loss dech emärbelen, äle Frenn, wat mächen d' Geschäften?
Paul:Oh, et geet, awer du bass eso' frendlech, du häss secher gär eppes gepufft.
Pir:Gepufft? A wo' denks de hin, ech ge'w eventuell, wanns du....
Paul:Nix do! Ech le'ne ké Geld me'. Le'wer verschenken ech es!
Pir:Vun dir lossen ech mir ké Geld schenken. Le'ne wölls de mir ként, wéss de wät, komm mir machen eng Wett, du kanns höchstens verle'eren oder eppes gewinnen.
Paul:Dat ass eng Me'gelechkét. Vir wät solle mir da wetten?
Pir:Also wette mir vir Ioo fr. Kann et lass goen?
Ech wette mat dir, dass du nôt emstand bass, ob meng drei Froen mat dem Wuert:Tubâk"ze entfernen.
Paul:Kahaha, dass ass gôch keng Schwierechkét, hei sinn Ioo fr. Kann et lass goen?
Pir:Wann ech gelifft. An hei si meng Ioo fr. Et kann lass goen. Fro No I. Wéss du, datt deng Fra dech bedre't?
Paul:(lâcht, zögert)Tubâk!
Pir:Ganz gutt, Fro No 2. Ass et wierklech wouer, dass du, we' d'Leit erzielen, am Geckenhaus wars?
Paul:(schleckt)Tubâk!
Pir:(se'er)Fir wat hues du elo falsch geäntwert?
Paul:Ech hun dach net falsch geäntwert.
Pir:(höllt d'Geld)Eragefall, du häss misse mat:Tubâk"entferen. Et war meng drött Fro. Merci fir deng Ioo fr.
Paul:Wat eng Frechheet, du hues mech schein erageluecht.(höllt de Portemonnie)Mä eng Chance muss du mir awer gin. Ech froen dech elo, an dann äntwerts du mir mat:Tubâk". Göff uecht op meng Wieder. Wölls de?
Pir:Ma secher, ech double'eren seuguer me'n Asätz a léen 200 fr.
Paul:Gutt, ech och.(leet 200 fr) Bass de färdeg?
Pir:(wenkt jo)
Paul:Also lass! Stömmt et, dass se dech we'nst onfähegkeeten aus dem Betrieb geworf hunn?
Pir:(lâcht)Tubâk!
Paul:Se'er gutt, Fro No 2. Ass et wo'er, datt geschter de Mann mat der Bidden bei dier war?
Pir:Tubâk(zu de Leit)Dé fänkt mech net.
Paul:ÿ.Fro. Wat ass dir le'wer, e Päck Tubâk oder dess Suen?
Pir:(zögert)Tubâk!
Paul:(greift an d'Täsch, zitt e Pack Tubâk eraus a get en dem Pir) Do hues de en!(höllt d'Geld a geet se'er fort).
Pir:(reisst d'Aan an d'O'eren op).

RIDEAU!

an er Villa opzrichen, an er Madame késs net, op dir se an den
henneschten oder an den fischen Keller wellt.

Richter: o, dat do kann ech net eso sé' er so'en, kommt lever an 8 Dég erem.

Mann: op ké Fall, wann ech se net elo direkt ka machen, da et néischt
me aus der Sach.

Richter: abbé, hm, o, dat macht se an den henneschten Keller.

Mann: elo ass et nach dè Sach hai, wellt der Beckelen aus Dennen oder
aus Eichenholz?

Richter: ger Deiwel, eng Fro' wa dè entschéd sach net an enger Minut,
kommt awer lever an 8 Dég erem.

Mann: Hé elo nach eng Fro'. Dir hat vun 2 Toiletten geschwat. Commen
dè allenzwo an den henneschten Keller??

Richter: hm, dé Punkt ass delákat, do muusst der mer awer wéinstens 8 Dég
Zeit lossen, fir.....

Mann, (ganz energesch) nén, nén, net nédeg. Sch machen iech lever nemmen eng.
well kukt, wann ech iech der 2 ^{Toiletten} ~~gàng~~ oprichten setzt dir et all
Ké' er 8 dag aus, fir ze beschle'essen, op wat fir eng dir iech
setzen sollt.

Rideau.

Beim Richter.

Richter: (lét sech nach alles zurecht) So, ech sin prett, dén eschten ka kommen. (schellt)

Här: Här Richter, ech kommen heihin wénst mengem Noper, dén hat Selbstmord begang, an elo sin ech hei als Zei'en.

Richter: War hien dann direkt do'd.

Här: Jo, mausto'd.

Richter: A wé huet en dat da gemach?

Här: Ma en huet sech de Gas opgedrënt.

Richter: a wo' dann.

Här ~~mir-dohém~~ bei mir dohém.

Richter: bei iech dohém.

Här: Jo, a menger Kichen.

Richter: an èrer Kichen, a firwar dann net bei sech dohém?

Här: Ma Här Richter, mei Noper war e Schott

Richter: a, dé Fall do muss richtig iwerluegt gin, dofir muest der mir awer 8 Dég Zeit lossen fir richtig do ze jugé'eren

Här: Avoir dann bis an 8 Dég.

Richter: (schellt) dén Nächsten.....

Fruun: (bergt sech) Et ass allerhand, dass ech wegen eso enger Klengké muss op d'Gericht kommen.

Richter: A wat hut dir dann verbrach?

Fruun: ver brach?, verbrach hun ech neischt.

Richter: Fir neischt brauch awer kén heihin ze kommen.

Fruun: Abbé, et ass bal fir ze lachen. Ech sin verdonnert gin, well ech e bes'chen ze sè'er gefuer sin.

Richter: ass dat net uerg genuch, dat muss richtig iwerluegt gin. Do musst der mer 8 Dég Zeit loessen, fir richtig doriwer nozedanken.

Fruun: 8 Dég, da fro'en ech mech awer wivill Zeit dir braucht bei dénen Autofuerer, de wirkelech am Fehler sinn??

Richter: Ma eso Fuerrer get et dach guer keng.

Fruun: Ech hätt gär, dir gengt mir meng Sach gleich an d'Kei machen, well ech hun net wellas no 8 Dég nach eng ké'er erem ze kommen.

Richter: alt e besselchen lues, mada loss mech emol hei em Gesetzbuch kukén. Dir hut eng walgstrof vu 500.F. ze bezuelen, hut der soos nach appes ze so'en.

Fruun: o, ech hätt jo nach vill ze so'en, mé d.Sach get mer ze dei'er.
(trott of.)

Richter: (schellt) den Nächsten....

Handwierksmann (mat enger Geschirrkascht)

Richter (verwonnert) a wat komm dir denn heihin machen.

Mann: ech sin dén Mann, dén der bestallt hut, fir iech nach Toiletter

BERT FREN

(De Jang setzt gemitterlech op enen Benk d'peif ze femmen.
huet e blot A)

- Pier: Kennt era getreppelt
Hei elei de Jang, dach én dech emol eren geseit, hues du
den Krankhét elo gudd iwerstangen, Jang?
- Jang: Abé, wés du, nach net ganz.
- Pier: A wat félt dir da nach?
- Jang: Ma den Dokter seng Rechnung.
- Pier: A we' ass et da mat denge Fra?
- Jang: Den Dokter mengt sie hât Zocker.
- Pier: Zocker, dat ass dach net me'glech, sie geseit dach démo aus.
- Jang: Ma dat hun ech hir och gesot, bei dem saure Gesicht, dat sie
emmer mecht
- Pier: Abé, meng Fra ass awer eng awe' Zocker.
- Jang: Eso' se!ss.
- Pier: Wén, beileiwe net, mé eso' raffine'ert.
- Jang: Wés de , fir nés op meng Krankhét zreckzekon en, ech machen
elo eng Drauwekur, de' soll eso' gudd sin.
- Pier: Et he'ert én jo vill dervun.
- Jang: Ech spiere mech och ganz gudd derbei, wés de , dir geng eso'
eng och bestemmt neischt schue'den.
- Pier: Dat sés de gudd, ech machen oft eng Drauwekur, mé ech warden
emmer bis Drauwe ann der Flesch sin.
- Jang: Wo's du elo grad vun Wein schwetzt, mir hu gesot meng
Fra hiren Namensdag gefeiert an ech hat hir eng Surprise
gemat.
- Pier: A wat has du hir da kait?
- Jang: E Steck Séf.
- Pier: An dat nennst du eng Surprise?
- Jang: Masecher dat, well sie hat sech en Auto erwart.
- Pier: So we' ech denge Fra kennen, war et dun awer secher Knuppe
Fréd gin.
- Jang: Ma dat gewess, oder mengst du villeicht, ech hätt dat blot
A hei vár neisen.

E Buch, wannech gelifft

- Eng Librairie-en Dösch op dem verschieden Bicher leien.
Iwem Dösch eng Döschdecken, de' bis op de Buedem recht, dat ke ka gesinn, wat önnert dem Dösch nach alles stét)
- Client: Bonjour
Vendeuse: Bonjour Joffer, waat wär iech gefäälig?
Cl.: Ech hätt gären e Buch.
V.: Daat könnt dir hei kréen.-Wat soll et sin? Villeicht e sche'nen Roman?
Cl.: Nén
V.: Eppes Gechichtliches?
Cl.: Och nén
V.: Da villeicht eppes iwer d'Sciences naturelles?
Cl.: Nén
V.: Gif e Buch iwer d'Technik iech villeicht eppes soen?
Cl.: Guer net
V.: Jo wat fir é Buch hätt dir dann gür, Joffer?
Cl.: Mei Freier huet geschwenn Namensdag. Ech ge'f em gären fir de' Occasio'n e Gedichtband schenken.
V.: Also eng Gedichtsammlong! Dir huet recht, Gedichter hun en e'wegen Wert. Mir hu doran e gro'sse Choix. We wer et z.b. mat dösem?(weist e Buch)
Cl.: Daat do ass ze denn(wegwerfend)
V.: An dem Fall wir dat hei dat richtig(recht en anert)
Cl.: O dat ass ze deck!
V.: An daat hei? 25.- Frang?
Cl.: Dat ass ze belleg fir en Geschenkbuch!
V.: Wannech gelifft-(recht e Buch) 175.-Frang
Cl.: Daat ass mir ower ze deier.
V.: Sollet eppes löseteges sin. Hei ass eng Sammlong: Immer nur lächeln(récht d'Buch)
Cl.: Mei Freier préfère'ert éscht Lektür
V.: Wanneg gelifft: Lyrische Blätter von Tod und Sterben.
Cl.: Mé dat passt ower schlecht fir en Namensdag.
V.: Villeicht set daat hei iech zo'(güht en anert Buch)
Cl.: Dé Pobeier ass bestömt nach Krichswuer
V.: (recht en anert) Dann hei-Bütten, handgelappt!
Cl.: Daat geseit sech eso'. protzeg un.
V.: (weisst en anert) Wannech gelifft, einfach a schlicht.
Cl.: daat sét guer neischt
V.: An dat hei?
Cl.: Den Aband dacht neischt!
V.: Dan daat hei-echt Krokodill
Cl.: Daat geseit aus we' e Familienalbum
V.: Dann ass dat hei villeicht dat richtig
Cl.: Daat huet jo Goldschnett! Mei Freier ka Goldschnett net leiden.
V.: Hei e Buch: Für jeden etwas
Cl.: Waat fir jiddrén ass, dat ass schon guer neischt vir mei Freier
V.: Villeicht dat bei: Amor der lose Schelm. Ech ge'w net jidderegem dat offre'ren
Cl.: daat ass dach ze weltlech an ze profan
V.: An daat hei: Klänge aus dem himmlischen Jerusalem.
Cl.: daat ass ze fromm
V.: d'ass um Enn vun hirer Gedold, deitlech mé ganz hurteg)
Le'f Joffer, daat ént ass ze dönn, dat anert ze deck, daat ent ze belleg, daat anert ze deier-ént ze leschteg, daat anert ze traureg-ent ze schlechten dat anert ze gudden Pobeier-den Aband ass ze locker-den aneren ze fest-Daat ént ass ze weltlech-dat anert ze fromm.....
- Cl.: Jo, et ass schwe'er eppes pasendes fir mei Freier ze fannen, hie schreiwet nämlech selwer Gedichter!
V.: (erlichtert) Ah, so-, mé dann hutt dir am beschten dir schenkt him dat hei!!!
(sie hölt önnere Dösch e gro'ssen eidelen Pobeierkuerw eraus a recht der Client en duer)

Dât ass de Merci.....

- Médchen: (kôönt mat ènger schwe'erer Valise eran a keimt) o mei, éch packen de einfach nôt me'h (setzt d'Valise nidder, hieft se erôm op, gét e puer Schréck, an setzt se erôm nidder) éch frêe méch, we' éch de' op d'Post kre'en.
- Damm: (Eng Damm kôönt lânscht a geseit d'Médchen) Wuer gés du dann mat dér schwe'erer Valise?
- Médchen: An d'Post, Madame.
- Madame: Wo' kann én dir exo' èng schwe'er Valis ze drêe gin. Ech hun dée gesin se schléfen, dât ass jô net me' unzekucken. Komm, éch gin déselwechte Wé, da pâken éch dèr alt un. (Se hiewen zu zwé, ginn e puer Schrett a setzen se erôm nidder.
- Madame: Wât é Lâscht, ... onnerhe'ert. dât ass jô vill ze schwe'er
- Médchen: Sie muss âwer nach virun 5 Auer an der Post sin.
- Madame: (an dém wo' si erôm e puer Schréck gin) dât ass jô bâl net megléich, wa mèr nônnen an dém Tempo hei virun kommen, wén huet déch dann heimatt geschéckt?
- Médchen: Méng Madame.
- Damm: Déng Madame hâtt jô kennen én Taxi bestellen, mir packen dât jô nôt zu zwé.
- Médchen: Dât géng ze deier kaschten, huet si gesôt, et soll é kèng souen mutwîllég ewèg gin
- Damm: (iogerléch) dât hei wier awer guer ké Mutwill gewiescht, et ass jô fier drôrner leisen ze bleiwen, huet déng Madame da ké Verstand?
- Médchen: Ech wéss et nôt.
- Damm: Du hâss hier direkt misse sôen et wâr dier ze schwe'er.
- Médchen: Ma éch hun hier gesôt, ethe'w et nôt packen.
- Damm: A wât huet si dun gesôt?
- Médchen: Ma si sôt: go' emôl dermatt, du fénns bestimmt ennerwé èng gudd domm Tôtz, de' dier hëlleft!

Ja, de Männer...

- Guy Setzt so, knepp un en Dammenmantel ze bitzen: A, Heng, kens du mech och emol besichen
- Heng Majo. zenter dass du bestued bass, geseit én dach net mé.
- Guy O wés du, et huet én alt eso seng Beschäftigung, well meng Fra mir emmer helleft spullen, hellefen ech hir och alt, d'Haus botzen.
- Heng Wè, trotzdem dass du bestued bass, muss du dir nach Knäpp ubitzen.
- Guy Ma gewess, hues du da keng A'en am Kapp, dat hei ass dach de Mantel vu menger Fra... A wo' gëss du dann mat dénen ^{und d'Kapp} sudlen Sachen
- Heng: Da leuschter emol, dat ass eso eng Geschicht. Geschlechter sin ech mat menger Schwë'ermanmlanscht d'Patisserie gangen, a wè si eso schèn Tarten an der Fenster gesin huet, sot sie: ech gëf t'hal-schent vu mengem Liewen gin, wann ech könnt eso eng schèn Tart iessen, an dofir begreiw's du secher, dass ech hir der gleich zwo' schenken.... so' an elo gin ech, soss kommen ech nach ze spöd.
- Guy Ma wo' lefs du dann nach eso' se'er?
- Heng ma ech gi nach meng Oschteren halen, wars du schon,??
- Guy Jo ech war geschlechter, a wés du, wat den Här mech gefrot huet???
- Wè oft ech menger Fra ontrei gewiescht wier.
- Heng a wat hues du him denn do ge'antwort???
- Guy Ma ech sot ganz einfach: Här Paschto'er, ech sin heihinkom, fir mech unzeklo'en, a net fir mech ze ~~biz~~-bretzen!

- Apdikter: ihr's du elo hei an der Apdikt ufenks ze schaffen, kuken ech ob's du d'Regelen nach kens, dès du an der Scho'l gelè'ert hues.
- Roby: Ech well.
- Apd. Wivill deses Pudder mechs du an eng Medecin fir e Kranken mat hegem Fèwer?
- R. lo Gramm, Här Apdikter.
- Heng kent iwerdém's eran) dir hut mir gesot, dat Mettel hei geng all Flè verdillegen
- Apd' Ma klo'er an dotsecher, well dat ass extra gudd.
- H. Abbé- Abbé, ech hun ewell e Kilo dervun verdo'en, a bis elo o'ni Resultat wat sot der dann elo, gell, elo sit dir paff,
- Apd. ma guer net, da kann ech nemmen dat ént so'en, dann dachen er Flèh neischt,
- Heng Ass dat do nach dran.
- Roby (ganz pressè'ert) Här Apdikter, ech hu mech ennescht geirt, ech dierf keng zing Gramm Pudder an d. Medecine machen, mé nemmen 5 Gramm.
- Apd. (kukut op d'Au'er) dét mer léd, mé ere dein Patient ass schon 2 Minuten do't.
- Guy P' Hut dir vleicht eng Sallew fir mein A? (huet e blot A)
- Apd. Jo, hei wier eppes, hat die en Auto'saccident?
- Guy P. nén, en Zuchongleck. Wè mir nämlech duerch en Tunnel gefuer sin, hat ech de Papp emärbelt an d'Platz d'Joffer.
- Clochard, Stét schon eng Zeit do sech ze kratzen) ech wollt emol fro'en, hut dir e Mettel gengt ongeziefer,
- Apd. kratzt sec och schon) a jo, hei ass en extra gudd Pdder.
- Cl. Dingt et dann och eppes.
- Apd. Ganz bestemmt.
- Cl. Kann ech mech drop verlo'ssen.
- Apd. Wann ech iech et so'en.
- Cl. Abbé, da macht mer emol e Pnd- Pond.
- Apd. Soll ech iech et an eng Tut oder an eng Kescht machen?
- Cl. Dass guet net nèdeg, schett mer et gleich hei uewen eran (mecht d. Hiem uewen op a kritt et eran geschott)

D'Joffer Käddy.

Jengi : Dohannen gesinech d'Joffer Käddy kommen a sie wenkt mir.

Wat soll sie dann erem um Härz hun?Hätt sie gudd e Mann,
da wier et hier och besser a sie hätt én dém sie alles kent
erzielen,well sie huet de Mond nemmen émol am Dag opsto'en.

Käddy: (schwetzt alles sé'er hannert enén oni Paus)Bonjour Monsieur
Jengi,a wè get et iech ?Ech hun iech scho lang net mé gesin
ech hun hà'eren dir wiert krank gewiescht,war et alt net ze
vill uerg,ma dir gesit wonnerbar aus,dät ass jo en Zächen
dass dir iech gudd erholl hut.(Mecht iwert dem Schwetzen
@'Poch op)a kukt emol hei,Monsieur Jengi dè lescht Photo vu
mir,mei Neveu huet dè geknipst ass dè net extra gudd geroden
dir musst wessen,mei Neveu ass em Photoclub an hien mecht
emmer extra gudd Biller,Wè fand dir mech drop?

Jengi: Dat do Bild ass bestemmt mat enger 30stel Sekund geknipst gin.

Käddy: Ma-well-dir-hei-op-der-Photo-de-Mond-sei-hut.

A wè komm dir dann dorop?

Jengi: Ma well dir hei op der Photo de Mond 30'hut.

Käddy: Ech war elo grad am Kino a wasst dir,wat mir do passé'ert ass?
Do ass jo de Neckel vù vis a vis nes ze spet ko'm wè all Kè'er
an en ass nes bis en d'Mett vun der hei! geknechelt an alles
huet missen opsto'en,fir hien lanscht ze lossen.Ech sot zu him:
dät èwecht opsto'en ass schrecklech,wo'rop hien entwert:
ass dat setzebleiwen da net nach vill mé schrecklech?
Kukt Monsieur Jengi,ech sin dach nach net bei Alter,, wè äi
geng dir mech schätzen?

Jengi: Da losse mer emol kuken:dén ieweschten Dél,hm, so eng 25

Käddy: (ganz glecklech) Monsieur Jengi

Jengi: dé mettelsten Dél och 25...

Käddy: wat dir net sot

Jengi: an dann d'Bén so eng 20 Jo'er

Käddy: o Jengi,so jonk huet nach kén mech geschätz.

Jengi: alt e bes'chen lues Joffer Käddy,ech hun nach net zesammen gesi
gezielt.

Schotten.

- Sie: ^{So'Huesi} ass et nach weit bis mir am Chalet sin, den mir eis fir des Vakanz gelont hun,
- Hén: dass net mé schlemm, nach vleicht lo km, a kuk wat hu mir dann schon nés gespuert, well mer dat alles zu Foss gemacht hun.
- sie: dat ass jo schén a gudd, mé mings du mir kennten eis et léschten fir eis hei op Terrasse ze setzen an eppes klenges z: iessen.
- Hén: ech si jo net, fir d'Geld auszegin, ma mir kennen eis jo awer net erengeren lösen, wart, ech kuken emol.....jo mir kenneneis eppes leschten.
- Sie: da komm, Huesi, bie-, da losse mir eis alt se'er setzen, .Bis de Garçon kent, hu mir eis dann alt schon e bes'chen fir neischt gerascht. (setzensech an balend' Fess an Lut).
- Garçon: Bonjour, Monsieur Dame, darf ech dénen Herschaften vleicht eppes zervè'eren,
- Hén: Dir dierft.
- G: (kukt wé dè zwé eso bossech do setzen) erlabt mir ze fro'ea, ass eppes um suedem wat iech stè'ert, dass dir allenzwé d'Fess eso hech halt.
- Sie, wat eng Fro, mé kukt, wann en eso hei setzt, d'r schärt en och alt mat de Fess, an dat netzt d'Suelen of, an dat welle mir verr den, well et ass jo awer net fir d'Geld eso mutwellig drop ze machen, gelldu nusi
- Hén' ma dat welle mer wessen.
- G. Wat kann ech iech dann zervè'eren.
- Hén: Schreiw iech et léwer op, well et get eng gross Commande.
- G' hellt e Blat an e Bleistift: Also, wat soll et sin
- Hén: Fir d'allerescht mach dir eis den Desch nach eng Ke'er of, an dann an dann bringt der eis eng Gebésseschmier mat zwen Tellèren, 2 Forscheppen an zwé Messeren., an dann nach eng Fleisch Bè'er mat 2 Gliers. hut dir dat alles notè'ert.
- G' Jo, a wat dann nach?
- Hén: Ma sot emol, get dat iech net völlegen duer, wo haut alles eso de'ier ass. Eng Gebésseschmier kann nach lang net jidderén sech leschten, gelldu Härzi.
- G' (reselt de Kapp) an duerfir extra opschreiw.
- Hén: o, Härzi, elo hat ech bal vergiess fir dir eppes ze so, en.
- Sie: ass et eppes schènes?
- Hén: ma mei Chef hat mech den leschten Dag virun der Vakanz nach bei sech geruff.
- Sie Kriss du ihren beigesat an der Paie?
- Hén: dat net, mé ech krèen en aneren Posten:
- Sie: ass ass et dann wènestens eng gudd Platz, des du elo kriss.
- Hén: op jiddefall eng, wo ech net vill brauch ze schaffen.
- sie a wè eng ass dann dat?
- Hén: Ma Nuetswiechter
- Sie Nuetswiechter????
- Hén: Bess du dann net fro, dass ech Nuetswiechter gin.
- Sie Ma Huesi, wat machen ech dann elo mat dém nei'en Pijama, den ech dir kaft hun.
- G. (stellt alles op den Desch): Gudden Appetit'
- Hén: délt d'Schmier an de Bè'er a fenkt un z iessen, si kukt no
- Sie schmacht et Huesi:
- Hén et ass wirkelech gudd Gebéss, schued dass d.Schmier net mé gross ass.
- Sie dann iess alt e bes'chen me lues, well dann hues du de Genoss mé lang dervun.
- G. (kent eran a kukt hinnen no) félt iech nach eppes Madame?
- Sie merci, ech hun alles
- G. schmacht et iech da net
- sie ech hoffen dach
- G.m ma fir wat iessst dir da net
- Sie: wesst der, ech muss warden, bis mei Mann ferdeg ass, hien huet nämlech eis Zänn un.....

Beim Humpen

- Mett: Lauschter emol 'Pier, do hun ech d, lescht jo eng he'eren, dé ech net ka gléwen.
- Pier: A wat war dat dann?
- Mett: Et ass dé Sach ~~ghé~~ et huet én fest behapt, e Papp vu 5 Kanner wier mé glecklech wé e Millionnär?
- Pier: ma dat ass dach secher, e Millionnär hätt emmer nach gären mé..... Meng Fra mecht mir dé lesch Zeit Suergen. Sie ass emmer fort, émol bei d'Coiffeuse, dann bei d'Nè'esch, dann bei d'Modiste, dann ass se Tennis spillen oder op e Caffi'skränzchen, je, sie ass all Dag höchstens eng Stonn dohém.
- Mett: Du arme Jong, ech bedau'eren dech.
- Pier: O wés du, dé Stonn gét och alt eriwer. (hien drenkt)
- Mett: Wanns du eso drenks, vergleichen ech dech emmer mat dem Mo'nd.
- Pier: A wé dann dat?
- Mett: Ma du fenks mat engem Vè'ereel un, dann nach e Vè'ereel, an nach e Vè'ereel, an zum Schluss bass du voll.
- Pier: Ma elo drenken ech schon dé 6. Humpen, well meng Fra mech eso bés gemacht huet.
- Mett: Dass schlemm, wat dé Fra leit eis vill Geld kaschten.
- Pier: Kuck, wann ech duschtereg sin, drenken ech Bè'er, wann ech gären leschteg sin, drenken ech Wein, a wann et mir guer net gudd ass, dann drenken ech Schnaps.
- Mett: A winie drenks du dann Sprudelwasser?
- Pier: A Mett, eso en urge Fall ass mir nach net virkom.
- Mett: Ja, d'Zeit gét em. Dé nächst Woch gin et 25 Jo'er, dass ech dé selwechten Chef hun.
- Pier: (iwert dem opsto'en) Mir gét et grad eso', ech fei'ern de nächst Woch Selwer-Hochzeit. Adai

Beim Humpen.

1. Meien-Pier, ah, Mett, a wè gét et dir dann alt soss?
2. Momentan ganz gudd, du wars secher en Tierchen machen?
1. Ma nén, du wés jo, mei Bow ass an der Lë'er an du war ech emol bei sei Méschter fro'en, op en zefridden mat him wier.
2. Dei Bow war jo schon emmer e ganz erdechen. Wat sot sei Méschter dann?
- 3.
1. Ma hien geng sech gudd ~~machen~~, an en haää, wè én dat op gudd deitsch sét, esse e richtigen "Wissensdurst."
2. ou, A wo' soll en dén dann hir hun.
1. Dat ass dach ganz einfach. D'Wessen, dat huet en vu senger Mamm, an den Duscht sebstverständlech vu sengem Papp. Prost!
2. A wè ass et dann dè lescht Zeit mat denger Gesondhét.
1. Ma zenter 2 Mënt gét et mir ganz gudd.
2. Hues du dann eppes derfir gemacht?
1. A gewess, ech hun eng Kur gemacht.
2. A wat fir eng Kur?
1. Eng Entzèongskur.
2. A wat fir eng Entzèongskur?
1. Ma ech hu mir d'Femmen ofgewinnt.
2. Abé merci, all Respekt dann.
1. A fir wat all Respekt?
2. Ma all Respekt, well fir sech d'Femmen ofzewinnen, muss én e starken Wöllen Hun.
1. E starken Wöllen, dat sés de gudd, an dé starken wöllen, dén huet ..
meng Fra

~~E gemittlechen Stoß.~~

Mann!setzt no e Buch ze liesen)

Fra: schießt Gromperen) jé,jé wat ass én awer geplot,du setzt gemittlech do ze liesen,an ech muss emmer schaffen.

M. nu tief awer ro'eg,elo hun ech mech just heibin geset fie e mengem Buch ze liesen,mé wat mengs du,wat ech am Buro vill muss schaffen?

Fra: do hues du dich nach bestemat net verschafft.

M. a wat mengs du,so get geschafft,dass én hi und no net mé wess, wo de kapp engem stét.

Fra: sagen wo de kapp engem lei't,wells du so'en.wei Kollag Frin huet wech deslescht gefrot,ob's du heihém iibernapt nach midd wiers e schloß kens?

Mann:oh'oh'oh...ma so,di iergers dech, dass du eso nistt schaffen, du hues dich awer d'Marie,fir d'Arbecht ze maachen,oder mirwat get dat bezuelr.?

Fra: bist Marie huet gekönnegt welle du hat gesent eso an telephon verannt hue.

Mann:(ganz erstaunt)war dat d'Marie,ech duecht du wiers et deslescht. liest erem a sengem Buch

Fra: so Pier.(dén h/'ert net) Pier,(ganz hart)Pier

Mann: (iwert dem Liesen) jo

Fra: Pier,ech brauch unbedingt en nei'en hut an en nei'en Mantel.

Mann:(fre'igé'ert net)

Fra: Pier,hues du hé'eren,wat ech gesot hun?

Mann:(verwehert)hues du wat mir geschwat?

Fra' ech sot,ech brächt en neien hut an e neien Mantel.

Mann:Du t gét net,iwerlé emol,du gess jo me Geld aus,we ech es verdienen, dat ke net eso weidergo'en,

Fra: Ma do hues du vollkommen recht,du muss unbedingt kumen,dass du es me verdings.

Mann:Ass dat alles,da kann ech jo erem ro,eg liesen.

Fra: (seifet)ech wellt éch wiers e Buch,de gengs du dich och me mat mir beschäftegen,(raft iwerdém's alles zesummen fir auszego'en

Mann: an ech wellt du wiers e Kalenner,da kent ech wénastens ell Jo:er change'eren.

Fra: Frechischs....

Mann: Gesit der eso ass et wann én bestued ass,da kommen alt emmer eso kleng Streiderei'en fir.Mé oppes Guddes ass dach derbei. We mir eis bestued hun,hu mer eis virgeholl,no all Streit e klenger Bém'chen ze planzen als Zéchen,dass de Streit erwier wiers.Abbé, eis Kanner sin spéder Besetzer van engem gro'ssen Besch.

J ng du hues we gēwa- gewēnelech dat lescht Wuert, (drenat sei Kaffi) verbrennt sech den Mond) we oft hun ech dir scho gesot, du solls de Kaffi net eso gliddesch machen, elo hun ech mir nés de Mond verbrannt.

Madame a wè oft hun ech dir scho gesot, du solls mam rietsen Bén opsto'en anstatt mam lenksen, da wiers du muerges net eso granzeg.

Jang ech fro'en mech, wo' ech mein Kapp hat, we ech iech gefrot hun, fir meng Fra' ze gin?

Madame ma dat kann ech dir so'en, hei op menger Scheller.

Jang ech muss wirkelech en Schönen Iesel gewiescht ein, fir mech mat dir ze bestue'den

Madame sief net eso agebillt, well schen war's ju nach nie.

Jang elo gét et mir awer duer (hieft sech a gét fort)

Madame (kukt em no, wann en fort ass rifft se: Jang, du hues eppes vergiess

Jang (kent erem) a wat ass dann elo erem?

Madame ma du hues vergiess Dir zo'zeklaken.

Jang gét eras a klekt Dir zo

Madame (rifft) Marie, hir kent ofraumen

Marie (kent eran ,en Kichenduch iwert dem Arm an en Plateau an der Hand) so, Madame hei ein ech, (raunt alles op den Plateus) wat get dann heut gekacht madame?

Madame: ech hun iech den Menu fir de Metteg opgeschriwen an den Ziedel an d'Kichen op den Dösch geluegt.

Marie dass gudd (Madame 6Welt ausgo'en)

Madame Marie, macht er Sach gudd, well mein Mann beschwe'ert sech all Dag.

Marie o' a wat hüt dir dann verbrach? (botzt den Dösch of)

Madame ech hun neischt gemacht, hien beschwe'ert sech iwert iech

Marie (ganz verwonnert) iwer mech, an wuerrir dann?

Madame emol ass d'Fésch him zevill gebro'den, de aner Ké'ler net genuch, dann ass d'Zopp versalzt an 'Gromperen ze fed, dat kann op kén Fuli eso' virun go'en.

Marie dat so'en ech och Madame , losst dir iech Schéden

Madame Ma Marie, elo awer se'er and Kichen. (let en Pappsch op den Dösch) dass net ze so'en, w t d'Personal sech heut des Dags alles erlabt

Kannermedchen: Dén Klengen ass wakerech, Madame, soll ech en elo gleich bueden oder macht dir et haut erem garen?

Madame Haut kent dir en bueden, né huet den Termometer, fir Temperatur vum wasser ze mo'ssen

Kannerm. Det hun ech net nedeg, ech wéss immer gleich besched.

Madame hut dir eso' en gudd Gefill?

Kannerm. et ass ganz einfach, wann ech dé Klengen zappen an hien get ro't, dann ass d, wasser ze warm, wann en awer blo get, dann ass et ze kal.

Madame mei Gott, losst nemmen ein, ech gin dé Klengen scho selv bueden. (let aus)

gemittlechen Stoos.

- Madame stét beim gedecktenen Kaffi'edech a pakt eng Schmier an;
Tom,elo get et awer noch Zeit,dass du ferdeg bass mat
iessen,soss ken's du nach ze spet an d'cho'l.
- Tom: ech sin elo,ech drenken nach just kein Kaffi.
- Madame: hei ass deng Schmier fir an der Fau's,ver iess de net,
soss bass du nés auserhingert,wann's du hémkens.
- Tom fert net,de quelen ech mat,ech geng sechter den Scholssek
vergiesen ewe meng Schmier.Avoir.(pakt seng schmier an
gét fort.
- Madame (raunt schon e weneg um Desch zesammen op e Plateau a rifft
Jang,bass du nach net ferdeg,et ass hech Zeit fir op den
Büro?
- Jang (granzeg)nach hannert der Bühn) majjo,loss én sech dach
mol ferdeg unio'en.
- Madame: dass schlem,kén Muergen kent an zur Zeit was dem bass,
dat mer kenten gemittloch zesammen Kaffi drenken.
- Jang: kent eran a setzt sech un den Desch) a wat jeitze du
dann eso,du hues mir emol nach ke Kaffi draus geschott.
- Madame ma dat ass elo hurteh geschitt,ihrs du emmer heibass,
wier den Kaffi schon lang Kal (schott eng Fass Kaffi draus)
- Jang wellt eng Schmier durchschneiden) wat sin eis messeren
eso' stompeg,et kritt ém jo emol keng Schmier dermat
duerchgeschnitten,de kenten och ewell lang geschlaff sin.
- Madame Ma ech duecht emmer,d t wier eng Männerarbecht.
- Jang (emmer granzeg) jo,drecknemmen alles gudd op. mech...
Hueä du neischt anesches ewe dat gebés hei,et schmacht
mir guer net,et ass jo vill ze sess,
- Madame dofir ass deng Lau'n awer och grad eso' esu'er.
- Jang an dann dat Bro't hei,dat ass och nach lang neischt
Guddes,de Bäcker mecht sech och keng Mòh' fir ordentlich
Bro't ze baken,an uobel get et nach all Dag me dei'er.
- Madame majo', dem Bäcker seng Fra' sot zu mir....
- Jang ziel mer nemmen neischt vun dém senger Fra', de hues jo
Ho'er op der Zong
- Madame aso,an deng Schwester,ert Marie,dat ass vill méi fro'send
ewe d'Bäkesch.dat wés jo weider neischt ewe d'leit erof
ze machen,dém sein Monsteck gét bestanneg....
- Jang elo gét et mir awer guer.emmer bass du am dang,meng Familie
ze kritise'eren,kén gudd Ho'er lesst du un binnen,an deng
Familie get emmer-bis an den Himmel geluvt.
- Madame elo iwerdriw's du awer sterk,well ech nun nach emmer
gesot,deng Schwe'ermamm wier vill me frendloch ewe meng
Schwe'ermamm

- Pitti spillst du dann och mat mir
- Tom wa mir é Fussball spillen wiers du d'Ball sicheh go'en
dè am Noper sein Gart geflunn sin.
- Jang (Kent vum Büro,) guden metteg,hei olei,vat meng Kanner
hei dichtetg schaffen,an den Nekel ~~esse~~ huet mech et gemittl
lech gemacht a mir kommen um Büro net me met der Arbecht nō^o
- Nekel du hues dech bestemmt net verschafft
- Jang a wat mengs du,mir nun eso vill Arbecht,dass én mat Zei'ten
net me wéss,wo' engem de Kapp stét
- Nekel wo' engem de Kapp leit,wöills du so'en.Dein Kolleg Frin
huet mech deslescht gefrot,ob's du heihém i'erhant nach mir
wiers an schlofen kens?
- Jang Mei Gott Nekel,wat hues du eng Ahnung,haut des Dags ass
et net me we zu denger Zeit.Elo get emol nach se'er
d'Zeitung gelies(helt Zeitung,Je hien waturust huet)
- Madame hei Jang,bass du och schon heihém,dann können mir jo den
Desch decken.Denke du irun,dass mir fir den owend en bei
Schmits agelueden sin an dolir brauch ech unbedingt an
nei'en Rack
- Jang (réagè'ert net)
- Madame (hart) Jang, hues du he'eren wat ech gesot hun
- Jang (verwonnert) hues du mat mir geschwat?
- Madame ech sot,ech breicht unbedingt en neit kléd
- Jang a nén,doraus get neischt,iverlé emol,du gess jo me Geld
aus,wè ech es verdingen,dat kann net so' weidergo'en.
- Madame mado hues du emol vollkommen recht,du muss unbedingt
kuken,dass du me verdings
- Jang ass dat alles,da kann ech jo erem firun liesen
- Madame ech wöllt,ech wier eng Feitung,da gengs du dech och mol
mat mir beschäftegen.
- Jang an ech wöllt,du wiers en Kalenner,de kent ech wè'nestens
all Jo'er wiesselen
- Madame Frechdachs (gét bis bei d'Kanner fir anzerau'gen
- Jang (stét op a kent fir bin a sét zu den Leit) gesit dir,
eso' ass et wann én bestued ass,dann kommen alt bummer eso'
kleng Streiderei'en fir.Me eng gudd Idee haten mir.
Wè mir eis bestued hun,nu mir eis virgeholl no all Streit
en Bém'chen ze planzen als Zéchen vum Bridden.Abbé,eis
Kanner sin spè'der Besetzer vum engem grossen besch.

Kennerm. a wat hun ech dann elo falsch gemacht?
 Pitti kent eran kreischen)
 Kennerm a wat ass dann geschitt, dass du muss kreischen?
 Pitti ech war beim Monni Nekel
 Kennerm. a wat ass dann do geschitt
 Pitti dann Monni Nekel huet en langen Nol ageschlo'en, an sech
 mat'gem decken Hummer op den Fanger geschlo'en
 Kennerm. ma duerfir brauch's du dach net ze kreischen, du häss
 sollen lachen.
 Pitti ma dat hun ech jo gemacht (reiffst sech de Back).
 Kennerm' komm, kreisch elo net me, wiess mir enol deng Fangeren,
 hued du de de Muergen gudd gewäsch
 Pitti (weist seng Hénn)jo, eso guer mat Séf.
 Kennerm an dein Gesicht?
 Pitti dat och
 Kennerm an deng O'eren?
 Pitti nemmen ént, nämlech dat ,wo ech immer niemt menger memm setz
 Kennerm. So', elo gin ech nach schaffen, huel du hei dein Buch
 an deng Fuerven, dann molst du e beschen. (réit fort)
 nekel a Pitti, molst du appes Schénes?
 Pitti (molt virun a kukt guer net op
 Nekel Pitti, pass du nach bes mat mir? kuk, meng Hand war mir
 ze sè'ar ausgerutscht
 Pitti an ech hun miissen duerhalen
 Nekel komm, mir zwé sin erem gudd matonén an ech hellefen dir
 och e bes'chen, wat wellis du dann wolen
 Pitti e Kamél
 Nekel e Kamél, dann müssen mir him awer hei nach en Bockel
 machen (helleft dem Pitti molen
 Pitti Monni Nekel, ass et wo'ar, dass e Kamel kann eng ganz
 Woch schaffen o'ni ze drenken
 Nekel jo Pitti, dat ass den Ennerschéd teschent dem Kamel e mir,
 ech kann eng ganz Woch drenken o'ni ze schaffen.
 Pitti dat do hues du awer schon gemolt, ech wosst net, dass du
 eso gudd zeichnen kenns.
 Nekel we ech nach geschafft hun, war ech an engem Zéshenbüro,
 a mein Chef sot zu mir, ech hier sein bescht Párd an Stall.
 Pitti da wès ech elo firwat mein Papp d'locht gesot huet,
 du häss op der Arbecht de meschten Möscht gemacht.
 Nekel lo gét et mir awer duer, elo get mol gemittlech eng gefont
 setzt sech an d'Fotell : fent seng Feif.
 Tom (kent aus der Scho'l) dat hätten mir alt néa fir haut
 gepakt, elo get se'ar d'hausauigab gemacht an dann kann
 ech de ganzen Metteg spillen go'en

Yam
+
Laurant

2
II

Gedold musst dir mat eis zwé hun
schnell kommen mir net erbei' gezun
dè éelst Leit aus dem Duerf si mir
setzen gâr op der Bänk bei der Dir
am Wanter an der Stuff hannert dem Ue'wen,
an werten geschwenn sin bei dém do'uewen.

Ech sin den Tom an ech den Pitt,
an ech sin d'Lin an ech sin d'Gritt,
fro't-d'Jeffermel
mir müssen nach d'Scho'lbänken dreken,
fro't d'Joffer mol, op mir eis scheken.?

Jilly; Jilly
Philippe; (Steu)

Mir kent dir secher ofgesin,
ech sin schon lang Duerflè'eren,
net ömmer hat ech et ganz licht,
well d'Kanner hun der vill gesticht
gelè'ert hun sie net ganz gâr,
sie haten awer en gudden Kär.

Claude

Als Schmatt beschlo'n ech den Bau'ren d'Pärd,
Geschäft gét lues, d'huet net vill Wert,
elo firt den Bau'er mam Trakter op d'Feld
dat kascht jo Menz, mé de Bau'er huet Geld
ass hinnen de Summer ze drechen oder Humide
fro'n sie beim Staat fir en Subside.

Tommy

Fir dass eist Dueref soll gudd gedei'en,
müssen der jo matenén frei'en
mir zwé hun d'Zukunft vum Duerf an der Hand
an trie'den O'schteren an den Ehestand.

Maie
Raoul

Als Fie'schter sîn ech vill am Bösch,
lie'wen gesond an ömmer fresch
sin op den Bén schon muerges frè'
gesin vill Huesen an fleck Rèh'
Kawéchelcher, dè op den Bém remsprangen,
an d'Vullen, dè hir Lider sangen.

EIST DUERF

I

Bonsoir, dir Dammen, Jofferen an Hären

D'Wöllef'cher sin¹elo um Dill
mir weisen iech, fallt net vun den Still
wivill Leit an engem Duerf et gin,
an dém Duerf, wo' ech Burgermeschter sin.

Ech sin dem Burgerméschter seng Madame
an schlo'en zimlech vill Tamtam
als escht Dame aus dem Duerf muss ech presentè'eren
a brauch mech dofir guer net ze forcè'eren

Mika

Als klengen Bau'er hun ech ugefangen
dass et mir gudd ass ergangen
kent dir u menger Figur gesin,
vill Kö' a mengem Stall lo stin
Maschinen an Lännerei'en hun ech vill
an sin vun muerges bis owes um Dill.

Tim

Eng Bau'renfra wè mech git dir net sichen,
ech schaffen an der Mellechkichen,
dann fidderen ech d'Hinger, hiewen d'E'er op
an kachen duerno s'Metteszopp.

Thierry

Ech sin de Kniecht vum gro'ssen Haf,
dir all, dir sit bestemmt ganz paff,
wann ech iech so'n, dass ech oft zidderen
net wann ech d'Schwein, nén, wann ech den Stè'er muss fidderen.

Rosul

Um Bau'renhaff sin ech als Mo'd
an hellefen der Fra am Stot,
wo' ech am meschten derbei kaichen,
wann ech owes d'Kè muss strei'chen.

Laurent

Als Kantonnier ,do hun ech et schwè'er
all Mensch sét zu mir: Schaff sè'er^{mit}
ma dofir sin ech dach net do,
ech kuken den Leit beim Schaffen no.

George

Den Beruff als Bredrè'er mecht mir vill Fréd,
 iwert alles am Duerf wés ech Beschéd,
 op d'Lis sech en neit Kléd gemat,
 oder den Tun sech eng geknetzelt hat,
 op én op d'Welt kent oder én frei't,
 ech brengen alles mat Zei't ennert d'Leit.

Dè Bescht vum Duref dat si mir
 de Kapitän vum Club sin ech de Pier
 fir d'Bäll ze halen hu mir de Pol,
 an hei de Jang, ~~dén~~ schesst den Gool
 mir stirmen an vertei'degen soguer
 an hun um Enn dach nach verluer.

Handwritten note: vif's kausch

de Blum

An ech sin hei am Duerf den Här
 ech bieten vill an Prie'degen gär
 wann d'Bau'ren fluchen an so' ro'sen,
 dann muss ech hinnen et uerg blo'sen,
 duerno gét et mir dann gudd
 well dann kent Trin mat E'er am Hut
 fresch Treipen bringt mir dann de Mett
 mat mo'ren Spek kent dann nach d'Kett
 am Duerf sin dann gedelleg Schof
 an dén Sonndeg drop gét d'Prie'degt me lues erof.

Paul

Elo hu mir wè dat sech gehè'ert
 mat vill Charme hei presentè'ert
 eso wè' d'Leit ass och eist Duerf
 vun allen Sei'ten krè'en mir Luef
 doriwer sin ech ho'ferech
 well den Burger
 (seng)Fra) meschter, dat sin ech.

E N G W E T .
(Zümmer oder frei Plätz)

- Fir:(vu lenks) Hei de Paul, wat eng Fréd!
Paul:(vu rechts) Heielei de Fir, oh we' le'f, mir hun eis schons läng net me' gesinn!
Fir:Loss dech emärbelen, äle Frennd, wat mächen d' Geschäften?
Paul:Oh, et geet, awer du bass eso' frenndlech, du häss secher gür eppes gepufft.
Fir:Gepufft? A wo' denks de hin, ech ge'w eventuell, wanns du'...
Paul:Nix do! Ech le'ne ké Geld me'. Le'wer verschenken ech es!
Fir:Vu'n dir lossen ech mir ké Geld schenken. Le'ne wölls de mir ként, wéss de wät, komm mir machen eng Wett, du kanns höchstens verle'eren oder eppes gewinnen.
Paul:Dat ass eng Me'gelechékét. Vir wät solle mir da wetten?
Fir:Also wette mir vir 100 fr. Kann et lass goen?
Ech wette mat dir, dass du not emstand bass, ob meng drei Froen mat dem Wuert:Tubâk"ze entfernen.
Paul:Kahaha! aasssgoëach keng Schwierechékét, hei sinn 100 fr. Kann et lass goen?
Fir:Wann ech geliift. An hei si meng 100 fr. Et kann lass goen. Fro No 1. Wéss du, datt deng Fra dech bedre't?
Paul:(lâcht, sögert)Tubâk!
Fir:Ganz gutt, Fro No 2. Ass et wierklech wouer, dass du, we' d'Leit erzielen, am Geckenhaus wars?
Paul:(schlecht)Tubâk!
Fir:(se'er)Fir wat hues du elo falsch geäntwert?
Paul:Ech hun dach net falsch geäntwert.
Fir:(höllt d'Geld)Eragefall, du häss misse mat:Tubâk"entferen. Et war meng drött Fro. Merci fir deng 100 fr.
Paul:Wat eng Frechheet, du hues mech schein erageluecht. (höllt de Portemonnie)Mä eng Chance muss du mir awer gin. Ech froen uech elo, an dann äntwerts du mir mat:Tubâk". Göff uecht op meng wieder. Wölls de?
Fir:Ma secher, ech double'eren seuguer me'n Asatz a léen 200 fr.
Paul:Gutt, ech och. (leet 200 fr) Bass de färdeg?
Fir:(wenkt jo)
Paul:Also lass! Stömmt et, dass se dech we'nst onfähegkeeten aus dem Betrieb geworf hum?
Fir:(lâcht)Tubâk!
Paul:Se'er gutt, Fro No 2. Ass et wo'er, datt geschter de Mann mat der Bidde bei dier war?
Fir:Tubâk(zu de Leit)Dé fänkt mech net.
Paul:3. Fro. Wat ass dir le'wer, e Päck Tubâk ower dess Sien?
Fir:(zögert)Tubâk!
Paul:(greift an d'Täsch, zitt e Päck Tubâk eraus a get en den Fir) Do hues de en!(höllt d'Geld a geet se'er fort).
Fir:(reisst d'Aan an d'O'eren op).

RISEAU!
=====

Schotten.

- Sie: So'Huesi
nach wit bis mir anChalet sin, fön die eis fir d'
Vakanz gelont hun,
Hén: d'ass net mé schlemm, nach vleicht lo kka, e kka e kka
sich net g'empert, well mer dat alles zu Foss g'esset
sie: Ist ass so schön e gudd, mé mänge fu mir kenne, si et d'
fir eis dei op ~~offense~~ ze setzen an eppes klenges ziele
Hén: ech si jo net, fir d'Gold auszegin, ma mir kennen eis jo
erhengeren lodsén, wart, ech kukén emol. jo mir kenne
eppes leschten.
Sie: Ma koma, Huesi, si--, da losse mir eis alt sè'ir setzen, fir
Gargen Kant, hu eis dann alt schon e bes'chen
Wit gemacht. (setzt sich an halend' Floss an Hut).
Gargen: bonjour, Monsieur Dame, darf ech dénen Beschaften vief
zervè'eren,
Hén: Dir dierft. *bin unen gar un kleingheit*
G: (kukt wè dè zwé eso bossech dè setzen) erlabt mir ze fro'én,
ass eppes um ruedem wat iech stè'ert, dass dir allenz è'ir
eso hech halt.
Sie, . wat eng fro, mé kukt, wenn én eso hei setzt, d' schärt én och
alt mat de Hess, an dat netzt d'Suelen of, an dat welle mir v'
den, well et ass jo awer net fir d'eld eso mutwelleg droop ze
machen, gelldu huesi
Hén: ma dat welle mer wessen.
G. Wat kann ech iech dann zervè'eren.
Hén: Schreiwit iech et léwer op, well et get eng gross Commande.
G! hellt e Blat an e Bleisteff: Also, wat soll et sin
Hén: Fir d'allerescht mach dir eis den Desch nach eng Kè'er of,
an dann an dann bringt der eis eng Gebésseschmier mat zwén
Telleren, 2 Forscheppen an zwé Messeren, an dann nach eng
Flesch Bè'er mat 2 Glierer. hut dir dat alles notè'ert.
G! Jo, a wat dann nach?
Hén: Ma sot emol, get dat iech net vóllegen duer, wo haut alles
dei'er ass. Eng Gebésseschmier kann nach lang net jidder
leschten, gelldu Härzi.
G! (reselt de Kapp) an duerfir extra opschreiwen.
Hén: O, Härzi, elo hat ech bal vergiess fir dir eppes ze so, or.
Sie: ass et eppes schénes?
Hén: ma moi Chef hat mech den leschten Dag virun der Vakanz
bei sech geruff.
Sie: Kriss du ihren beigesat an der Paie?
Hén: dat net, mé ech krèen an aneren Posten:
Sie: ass et dann wénestens eng gudd Pletz, des du elo kriss.
Hén: op jiddefall eng, wo ech net vill brauch ze schaffen.
sie: a wo eng ass dann dat?
Hén: Ma Kuetswiechter
Sie: Kuetswiechter???
Hén: Bess du dann net fro, dass ech Kuetswiechter in.
Sie: Ma Huesi, wat machen ech dann elo mat dém nei'an Pijama, hén
ech dir kaft hun.
G. (stellt alles op den Desch): Gudden Appetiz'
Hén: délt d'Schmier an de Bè'era fenkt un ziessen, si kukt no
Sie: schmacht et Huesi:
Hén: et ass wirkelech gudd Gebéss, schued dass d'Schmier net mé
grosse ass.
Sie: dann iess alt e bes'chen me lues, well dann huet du da
né lang dervun.
G. (kent aran e kukt hinnen no) félt iech nach eppes ledeme?
Si: merci, ech hun alles
G. schmacht et iech da net
sie: ech hoffen dach
G.m: ma fir wat iessst dir da net
Sie: wesst der, ech muss warden, bis moi Mann Sondag
nänlech eis

- ②
- 6.W. (en gro'ssen) Den Kolumbus wollt op dém no'sten Wé iwert d'Mier no Indien Kommen. Wè hien um Schöff Land gesein huet, duecht hien, en wier an Indien an huet d'Leit "Indianer" genannt. Hien hat jo awer Amerika entdeckt. d'Leit dohannen hun awer den Numm Indianer behalen.
- Chef: dat hues du schen gesot, wo'hir weés du dat eso gudd?
- 6.W. ech lisen vill iwert d'Indianer.
- 7.W. ech wier net gär bei den Indianer, ech ge!f hiren Medezinmann färten, dat ass eso' en ellenen.
- 8.W.: dén brauchs du net ze färten, dén huet jo nömmen eng Mask un.
- 7.W.: ower eng ganz grujelech.
- Chef: Eso wè mir hei an all Land Aneschter schwetzen, huet bei den Indianer och all Stamm eng aner Sproch gehat. an dofir hun dè verschidden Stämm durch Zéchen matenén geschwat.
- 9.W. jo, ech kann e puer hirer Zéchen, kukt emol no (mecht seng Zéchen ganz lues) dat héscht: ech schwetzen mat dir, oder dat hei, (mecht erem Seng Zéchen) dat héscht: vill Leit kommen zesummen firt d'Essen.
- Chef: dat wier fei'n wann dir och eso' gengt schwätzen, well dann wier et oft vill mè ro'eg an der Versammlung.
- 10.W.: wat ech eso' flott fannen, dat ass wann d'Indianer so' gemittlech zesummen setzen fir d'Friddenspeif ze rachen, eso eng schön lang Peif.
- 11.W. jo, an dann get et engem so richtig gudd schlecht dervun.
- 12.W. aus engem decken Bamstamm, dén sie ausgehillet hun, hun sie sech en Kanu gebaut, fir wann se mè weit gefuer sin.
- 13.W. Wann sie Krieg matenén haten, dat héscht, dè verschidden Indianerstämm ennertenén, hun sie versicht, de Skalp vum Feind ze krè'en.
- 14.W. Cheftaine, Cheftaine
- Chef; wés du och nach eppes vun den Indianer?
- 14.W. jo, wann sie op der Television kommen, da machen sie ömmer lu lu lu lu lu
- Gef: dat ass ganz richtig, mé elo hu mir gehuch vun den Indianer erzielt, elo sungen mir nach eist Lidd an dann git dir iech ganz ro'eg ferdeg machen fir d'Nuecht
- Lidd: d'Nuecht huet verdrängt den hellen Dag.....
- Chef: So, 2 vun dénen Gro'ssen bleiwen nach hei beim Fei'er, bis das dat ganz aus ass, Dè aner gin sech sè'er ausdo'n an op ~~d'Mat~~ d'Matress.
- 15.W. Du intressè'ers dech vill fir d'Indianer, mir sét dat guer neischt.

D'Wöllefcher setzen mat hiren Chef am halwen Krés ronderem en Lagerfei'er, et ass nach hell, no an no get et mè deischer an wann mègelech, gét den Mo'nd am hannergrond op.....

Cef: Chef: So' elo si mir schon 2 Dég hei um Camping an ech hoffen, et huet iech bis elo gudd gefall. Eis Veillée fenken mir elo un mat engem flotten Lid.....

Chef: Elo kann jidderén vun iech so'en, wat him bis elo um Camping gudd gefall huet oder wat him net gudd gefall huet, natirlech én nom aneren.

1. W.: Ech sin eso' gären hei, well mir den ganzen Dag dobau' sen sin, eso' guer fir d'Essen.

2. W.: Ei, hei brauch én net all Dag ennert Dusch ze go'en....

Chef: a wann ech net oppassen, dann wäsch's du dech och nach nömnen wè eng Katz, du denk's och: Drek hält warm.

3. W.: Ech fannen et eso' flott, well ech den ganzen Zei't mat mengen Kollegen zesummen sin, am Dag ass et schèn, mé owes ass et immens.

Chef: aha, dann wéss ech elo, wo' d'Kammè'dismecher vun Nuets sin.

4. W! (e Klengen) Et geng mir nach besser hei gefa'len, wann ech meng Sachen net misst selwer opräumen, dohém mecht meng Mamm dat alles.

Chef: Ma du bass dach en Wöllefchen, an dén mecht ömmer sein Bescht. Wann's du elo hém kenns, dann raum's du alles selwer op, dann ass deng Mamm fro' an sie gesei't, dass du eppes Guddes um Camping gelè'ert hues.

4. W.: (mecht eng Grimasse) hm, dat ass awer schwè'er!

5. W.: Mir gefällt et Mettes an owes extra gudd hei, mé muerges, (mecht eng Schnuff) wann én muss eso' frè opsto'en, dat ass batter. An der Vakanz lei'en ech dohém ömmer bis 11 Au'er am Bett.

Chef: ma dann bass du eng âl Schlofmutz.

Chef: Fir mar hun mir den ganzen Dag dat Thema: Indianer, dâfir wöllem mir elo nach en bes'chen iwert d'Indianer schwetzen. Wén vun iech kann mir so'en, wo' dén Numm Indianer hirkent.

D'Nuecht huet verdrängt den hellen Dag
 sie dreiwit ons fort vum Feld
 d'Natur huet d'A'en zo'gemach
 den Niwel schlauft durch d'Welt
 Um Himmelsbo' schon d'Stären stin a wenken mat den A'n
 "dass Zeit nun dass mir hém rem gin, kommt losst mer äddi man."

Den Herrgott kukt op eis erof
 hien denkt un jidderén
 a sént den Dag an sént den Schlof
 sént eis an eisem Hém.
 Um Himmelsbo' schön d'Stären stin a wenken eis avoir
 "dass Zeit nun dass mir schlofen gin, avoir lèf Frönn avoir"

6.W. Jo, ech hun e puer Bicher iwert d.Indianer, d'fir wés ech,
wo' se-ge dè verschidden Stämm geliwt hun, wè se g'lieft hun an
wo'vunner.

15.W.: wés du, ech gléwen net alles, wat se eso'schreiwén an erzielen
vun den Indianer, an d'ass och nach égal, ech mengen, elo wier
d'Fei'er geschwenn aus; wanns du schon wells schlofen go'en,
kanns du ro'eg go'en, ech bleiwen nach e bes'chen hei setzen.

6.W. ma dat ass gudd, ech sin nämlech fatzeg midd an hun mar de muerge
frè den Kafi ze machen, da muss ech mat Zeiten opsto'en.
Gudde Nuecht.

15.W. (weckelt sech an seng Decken an, an setzt sech op d.Seit.
so, elo get sech et emol ganz gemittlech hei gemacht, et ass nach
eso' gudd heibau'ssen, an hei kann én eso' gudd denken an drémém.
(hien entschleift.).....

L.Ind. (kent era geschlach, kukt sech rondöm, steppelt émol am Feier,
an setzt sech gemitlech derbei an fömt seng lang Pei'l.
Indianer kommen ^{mat gejeitz} an machén en Danz ronderom d'Fei'er. Duerno zitt én der
W.eng perrück vum Kapp an sie lafen sè'er fort.

15.W. Hellef, hellef, hellef, (g greiwt no sengem Kapp)
(d'Chef an d'Wöllef kommen gelaf am Pyjama oder Trainingscostüm
mat Täschenluten)

Chef: a wat ass dann geschitt.

15.W. et waren Indianer hei, dè wollten mech skalpè'eren

6.W. du gléw's dach net un d'Indianer.

15.W. ech mengen et waren der awer.

Chef: so, elo awer hurteg an d'Schlofsäck an net mè gemuckst,
an mar hè'ert dir nach mè iwert d'Indianer.



ech schwetzen mat dir



vill Leit

iessen

zesummen

- Pier: 40.- Frang 5 Kilo,awer nemmen just nach haut.
- Jeng: ma dann huelen ech gleich 2 Tu'ten mat.
- Pier' gä'ren,dat mecht dann 80.- Frang.
- Jeng: (bezuelst) äddi,an ech wert mengen Noperen Beschéd so'en, dass d'Gromperen haut nach dén ålen Prei's hun.
- Mett: äddi Jeng,a kom gut hém.(zum Pier) Sin er Gromperen och gut fir einfach ze kachen?
- Pier: meng Gromperen schmachen emmer,eso' ~~gour~~ drechen,et brauch én sech nemmen en gudden säftegen Brôt der bei ze denken, da könnt dir Plättelen voll dervun ie'ssen,an iwerlét gut, nach just haut zum ålen Prei'ss.
- Mett: ma da gitt mir mol 3 Tuten mat,dat mecht jo dann 120.-Frang, wann meng Fra der nach mè brauch ,kommen ech der zreck sichen.(bezuelst)
- Pier: Voilà,3 Tuten,merci,a losst iech se gut schmachen.
- 2 Dammen kommen eran a schwetzen matenén)
- Tres:9 eso' ass dat am Lie'wen,dém engen gét et gut,dém aneren nach besser.
- Anne: jo,kuk emol dén Här,dén do op der Bänk setzt,dat ass en pensionné'erten Professor.Dén ass eso'rei'ch,dass hien all Jo'er kann 5 Mènt op der Riviera lie'wen,5 Mènt am Tessin, an dann nach 5 Mènt an sengem Haus op Helgoland.
- Tres: dat ass jo fantastesch,mè lauschter emol: 5 Mènt Riviera, 5 Mènt Tessin a 5 Mènt Helgoland,dat machen zesummen 15 Mènt a Jo'er?
- ANNE**
Très: ma do gesei's de jo,wè reich dass dén ass.(kommen bei d' Gromperen) hei ,den Pier huet Gromperen nach zum Åålen Preis,an dat nemmen nach haut,dann huelen ech mir elo en Pak mat a lossen mir nach drei Tuten ewech lè'en,gét dat , Pier?
- Pier: secher,bei mir gét alles.
- Tres: Ech bezuelen dahn gleich alles matenén,(bezuelst)
- Pier: merci an avoir.
- Anne: Ech huelen mir och eng Tut mat,an dann scheken ech mein Mann, dé kann der dann nach mè sichen kommen.
- Pier: Ma secher, Madame!
- Anne: Hut dir der nach genuch,well soss setzt mir lè'wer nach 5 Tuten op d'Seit,dass ech secher sin,der nach ze krè'en.
- Pier: ech setzen iech se gleich ewech,wè ass èren Num?
- Anne: Müller,Müller ass mein Num.Also ech kann mech jo ganz secher drop verlossen?

Bühn:en Verkafs'stand virun engem Geschäft,
ganz op der Sei't eng Bänk,do setzt en Här,liest seng Zei'tun
a fent seng Pei'f. (Professor)

Verka's'stand e lauter Tuten mat Gromperen

Pier: Wat huet én en haut awer schwe'er!Zwanzeg Jo'er ass et elo gu
gangen.Mé haut des Dag's machen dè gro'ss Geschäfte dè
kleng futti,Ganz an der No'perschaft ass elo eso' en
Supermarché opgangen.Wat machen ech elo mat menger Wu'er?
Ech hun eso' vill Gromperen agelu'et,a wè gin ech dè elo zu
engem gudden Prei's lass?Dè Sach muss gut iwerlue't gin.
(iwerlét) lo wés ech wat ech muss machen:eng gut Reklame
(gét an d'Haus)

Jeanne:(kent eran ,gesei't dè vill Gromperen) Hei,de Pier,wat huet
hien vill Gromperen an se sin nawell ganz schèn,ma ech
gin an den Supermarché,do sin se bestemt mè belleg.(of)

Jeng: (A,Mett,kommen zesammen eran) A Mett,wat hun ech hè'eren,
dann hues du lo endlech éscht gemacht!

Mett: Wè meng's du dat,Jeng?

Jeng: Ma du hues dech dach bestu'ed.Wè ass dat dann eso' sè'er gange

Mett; Wés du,dat è'weg owes an dem Bistro henken huet mir zum
Hals eraus gehangen,dat huet mir guer ké Spass mè gemacht.

Jeng: a so' ass dat,bass du dann elo mè zefridden?

Mett: a wém sé's d'et,elo mecht et mir erem Spass.

Pier (kent eran an henkt e Scheld op."Gromperen zum élen Prei'ss,
haut den leschten Dag"

So',wann dat elo neischt dingt,da kann ech a'paken.

Jeng: Meng Fra huet mech an den Supermarché gescheckt Gromperen
kâfen,ech gesin,hei kré'en ech der och.(gét bei den Stand)
Sin èr Gromperen och gut?

Pier: Wat eng Fro',ech hun nemmen gut Wuer.

Jeng: Kann én och gudd knuspereg Fritten dermat machen?

Pier: Eso' knuspereg ewè en jongt Dickelchen.

Jeng: a wat kaschten se dann,er Gromperen?

Pier; (mat Iwerzé'gung)Haut nach den élen Prei's,awer nemmen nach ~~88~~
haut!
Jeng: an dat wi'er?

(et kommen nach e puer Leit kafen,während dè aner schwetzen)

- Misch: ma wann ech mech net ie'ren sit dir mei'n frè'eren Mathésproff.Kennt dir mech net mè ?
- Prof. ma dach,elo erenneren ech mech,du bass den Misch a war's emmer ganz witzeg,mé an'ler Mathématik war's du eng gro'ss Null
- Misch: Jo,dofir sin ech jo aus der Scho'l, gangen,well ech guer net rechnen konnt.
- Prof. Wè et schingt,hues du et awer geschafft am Lie'wen.Wat fir én Beruff hues du dann ?
- Misch: Ma ech sin Grossist.Ech kafen holzen Keschten an,fir 20.- Frang d'Stèck,an ech verkafen se fir 60.- Frang.Vun dénen 40 % kann ech ganz gut lie'wen.
- Prof: Ma dat gléwt de Papp,du bass och nach net mè gescheit gin, awer raffinè'ert.Elo muss ech dèch mol eppes fro'en.Wann's du ze wie'len häss teschent gro'sser Dommhét an enger Glatz,fir wat geng's du dèch dann entsché'den?
- Misch: Selbstverständlech fir Dommhét.
- Prof': o', an wuerfir dann firt Dommhét ?
- Misch: ma dat fällt net eso op ewè eng Glatz.
- Pier: Kommt a kaft Gromperen zum ålen Preis,awer nemmen nach haut !
- Misch: Elo huelen ech mir och nach eng Tut Gromperen mat hém,avoir Här Professor.
- Prof! Avoir Misch a loss dir et gut go'en.(zu den Leit)dén ass nach net mè gescheit gin a kent awer ganz gut durch d'Lie'wen.
- Dammen: (kommen eran 2 Dammen)
- Lora: Mat de Kanner huet én emmer Suergen op se kleng sin oder gro'ss
- Trin: Wém sé's de dat,an dat zemol mat den Médercher.
- Lora: Jo',mein élst war emol bei eng Wahrsagerin.Dè huet him pro'fezeit,hat geng enflotten jongen Mann kennen lè'eren, dén geng hat bestueden an dann kriet hat och en Kand !
- Trin: Ass dat dann alles agetraff ?
- Lora: Jo,alles bis op d'Bestueden.
- Trin: Dat ass jo schlemm.Ma wann ech d'or et muss so'en,mein Jengst erzie'lt mir dè lescht Zeit guer neischt mè, an dat mecht mech krank.
- Lora: a mein Jengst erzielt mir alles,mé ech sin ewell mat den Nerven um Enn.
- Trin: d'lescht|ko'm eist Irene hém a sot,hat hätt elo e Friend, dén geng et ganz bestemmt éscht mat him mengen;

Pier: Keng Suerg Madame, dè Sach gét an d'Rei! (schreiwt den Numm op Tuten an lét se op d'Seit)

Anne (iwert dem ofgo'en) lo hat ech awer Chance, dat ech dè Reclame do gesin hun.

Pier: Ech mengen, meng Idée mamm Scheld war guer net eso' schlecht well ech sin jo schon eng etlech Tuten lassgin.

Heng: (kent gerannt mat engem Wénchen oder soss engem klengen Gefier) Ass et hei, wo'et nach haut dè Gromperen get zum âle Preis?

Pier: Maja, dat ass hei.

Heng: Ech soll fro'en, op et och gudden Pürée get vun e'ren Gromperen?

Pier: a wat mengt dir, et get Pürée, dén ass eso' licht a lefteg ewè Schlagsahn.

Heng: Gin et dann och gut Gequelltener ?

Pier: Alles get gut mat mengen Gromperen, op Pürée oder Fritten, gequellt oder gekacht, gebôcht oder gebro'den, wann dir gut kachen könt, muss alles iech gero'den.

Heng: Abbé, dann lo'ssen mir emol kuken, wivill ech der hei op mei Gefier kann lueden. (sielueden op)

Pier: Passt op, dass d'Gromperen iech net dè aner Sei't erof falen.

Heng: ech passen schon op, hei gét nach eng Tut drop.

Pier: So', da lossen mer emol zielen, 1, 2, 3, 4, 5, 6, also sechs Tuten, dat mecht 240.- Frang.

Heng: (bezuelte a wellt go'en)

Misch: (kent eran a geseit den Heng) Heielei, den Pol, schèn dech no so' langer Zeit erem ze gesin. Mé wat hues du dech verennert, du bass vill mè flott wè frè'er, mé frè'er war's du awer vill mè schlank, an frè'er wars du net eso' gro' an du has nach vill mè Ho'er an frè'er.....

Heng: (huet dè ganzen Zeit verwonnert gekukt) e Moment, mat emol e bes'chen lues, well ech héschen guer net Pol

Misch: Wè' Pol hescht du och emol net mè !

Heng: (típpt mamm Fanger widdert Stier a gét of)

Misch: Ja, ja ,so' kann én sech ie'ren, an dann huet én et awer net schlecht gemengt, gell dir ,Monsieur, dierf ech mech vleicht hei bei iech setzen ?

Prof. (dén dè ganz Sach mamm Verkaf verfollegt huet) ma secher, gären, d'Bänk ass jo fir jidderén do.

- Lora: Ass hat senger Sach dann des Ké'er ganz secher ?
- Trin: Hatt sét "jo",well den Jong fönd hatt ganz schèn an bellegen Kléder.
- Pier: Kaft Gromperen schèn a belleg,nemmen nach haut zum alen Prei's. an derbei eng extra schèn Wuer.
- Lora: Da lo'ssen mir eis och nach e puer Gromperen mathuelen.
- Trin: Sin se och ganz gut drechen ?
- Pier: Madame,ech so'n iech et,wann nemmen eng fau'l Gromper drenner ass, könt dir dè aner all gebrau'chen.
- Lora' (bezuelte) so,dann ass jo alles bezuelte a mir können go'en. avoir
- Pier: Avoir dir Dammen a bis dè nächsten Kè'er.(reift sech d'Hänn) ma dat ass gut gangen,et muss én nemmen lo'ss sin.
- Prof.: (stét op a kent bis bei den Pier) Sit dir èr Gromperen dann elo bal all lass.
- Pier: dir gesit jo,ganz vill sin der net mè do.
- Prof: dir hut jo elo gut Geschäfte gemacht.Sidd dir dann zefridden mat è'rer Vente.
- Pier: ma dat wöllen mer wessen,geng et nemmen all Dag eso' go'en.
- Prof: wivill kaschten er Gromperen dann haut mat dém alen Preis?
- Pier: 5 Kilo fir 40.- Frang
- Prof: an muar,mat dem nei'en Preis?
- Pier: ech so'en iech et mé verrot mech net,5 Kilo fir 35.- Frang.

Oktober 1986